N°1098
Entrée le 28.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°1098 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen zum Thema TICE-Busser**

Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 950 ugeschwat, ass den TICE een interkommunalen Syndikat dee Buslinnen am Süde bedreift. De Staat ënnerstëtzt déi gemengeniwwergräifend Busofferen mat engem Subside. Den Staat huet awer am Prinzip keng Vue op déi Informatiounen déi an deenen sukzessiven parlamentareschen Froen vum honorablen Deputéierten gefrot ginn.

D'Gemengenconseillen aus den Membersgemengen vun engem Gemengensyndikat ginn normalerweis och iwwert hieren Vertrieder am Syndikat periodesch an bei all Ufro am Gemengenrot iwwert déi wichteg Eckdaten informéiert.

Déi folgend Äntwert baséiert op den Informatiounen, déi vum TICE zur Verfügung gestallt goufen.

Vun 2014 bis 2024 sinn 91 Busser vum TICE exmatrikuléiert ginn, dovunner sinn 88 an d'Ausland verkaaft ginn. Den TICE huet keng weider Detailer iwwer den aktuelle Liewenslaf vun dëse Bussen, mee et gëtt ugeholl, dass op d'mannst 86 vun dësen Gefierer am Ausland nach weider a Betrib sinn. 2 Bussen, déi als schwéier accidentéiert verkaaft goufen, kéinten erëm opgeriicht gi sinn, obwuel den TICE keng Informatiounen dozou huet.

Den duerchschnëttleche Kilometerstand vun de Busser, déi an de leschten 10 Joren ofgestouss goufen, läit bei ronn 610.000 km.

De Kilometerstand vum eelste Bus, dee momentan nach a Betrib ass, läit bei 345.080 km. Wéi den TICE betount, kann e Bus mat Verbrennermotor am Duerchschnëtt 15 Joer fueren, och wann dëst natierlech vun engem ganze Spektrum u Facteuren ofhänkt. Nieft der Korrosioun spillt och de Verschläiss eng wichteg Roll.

Den duerchschnëttlechen Akafspräis vun den TICE-Busser iwwer déi lescht 10 Joer ass wéi follegt opgelëscht:

- **2014**: keen Akaf
- **2015**: 291.342 Euro
- **2016**: 295.366 Euro
- **2017**: 301.618 Euro
- **2018**: 341.769 Euro
- **2019**: 347.602 Euro
- **2020**: 423.458 Euro
- **2021**: 490.000 Euro
- **2022**: 423.750 Euro
- **2023**: 660.730 Euro
- **2024**: A Prozedur

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Den duerchschnëttlechen Verkafspräis vun den TICE-Busser iwwer déi lescht 10 Joer:

- **2014**: 8.132 Euro
- **2015**: 11.111 Euro
- **2016**: 16.385 Euro
- **2017**: 14.800 Euro
- **2018**: Kee Verkaf
- **2019**: 12.625 Euro
- **2020**: 12.175 Euro
- **2021**: Kee Verkaf
- **2022**: Kee Verkaf
- **2023**: 12.556 Euro

Lëtzebuerg, den 28. August 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes